Rotary Club de Diekirch-Ettelbruck

SOS KANNERDUERF LËTZEBUERG Depuis 1968
Sous le Haut Patronage de S.A.R. la Grande-Duchesse




Nom grousse Succès vun de leschte Joren, lancéiert de **Rotary Dikkrech-Ettelbréck** och 2026 erëm eng **Ouschtereeër-Aktioun**, zesumme mat dem **SOS Kannerduerf** an der **Maison Oberweis.**

De Projet, dee mir dëst Joer ënnerstëtzen, heescht **CHILL & ART.**

## WAT A FIR WEEN ASS CHILL & ART?

Et geet drëms, de Kanner a Jugendlechen hir Kreativitéit ze färderen an hinnen d'Konscht méi no ze bréngen. De Projet **Chill & Art** gëtt Kanner a Jugendlecher am Alter vun 11-15 Joer d'Méiglechkeet, zesummen e ***Chill Out-Sëtzberäich*** **mat Palletten a verschiddene Materialie ze gestalten**. De Fokus läit op dem artisteschen Design, Participatioun an dem Ausdrock vun der eegener Perséinlechkeet. D'Participanten entwéckele selwer **"hir eege Plaz" am Kannerduerf**, setzen se mat Faarwen an enger Villfalt vu Materialien ëm. An der Grupp kreéiere si zesummen e Raum fir Rou, Entspanung a gemittlech Zesummesinn. Déi fäerdeg extern Struktur bleift permanent um Site zu Miersch.

Dëst huet positiv Auswierkungen op d'Entwécklung vu kognitiven, sozialen a motoresche Fäegkeeten. D'Kanner a Jugendlech kommen a Kontakt mat hiren Emotiounen, hirer Kreativitéit an hire Ressourcen. Sie kënnen d'Gefill „kompetent" ze sinn, perséinlech erliewen.

## WAT SINN T'PÄDAGOGESCH ZIELER?

- Färderung vu Kommunikatioun a Teamaarbecht
- Erliewe vum Recht op Matbestëmmung
- Ëmsetzung vun eegenen Iddien an enger Gemeinschaft
- Schafe vun engem Raum, deen d'Gefill vun Identitéit a Zougehéieregkeet färdert
- Stäerkung vum Selbstvertrauen.

Rotary
Club de Diekirch-Ettelbruck

SOS KANNERDUERF LËTZEBUERG
Depuis 1968
Sous le Haut Patronage de S.A.R. la Grande-Duchesse

## ENNERSTËTZUNG VUM ROTARY

Den Erléis vum Verkaf vun den Ouschtereeër gëtt genotzt fir de **Finanzement vum ganze Material** dat fir de Projet gebraucht gëtt, wéi z.B.

- **Paletten,**
- **Baldachin-Gestell,**
- **wiederfest Rideauen,**
- **Solar-Liichterketten,**
- **Solar-Lampione,**
- **Outdoor-Teppëch a Këssen,**
- **Köscht fir d'Material am Wanter ze versuergen.**



# Wéi kënnt Dir matmaachen?

**D'Pâtisserie OBERWEIS** ass erem Deel vun eisem Partenariat. **Duerch eng Commande** vun engem **Schockelas-Ouschteree, bis den 21. Mäerz 12:00**

- iwwert de Polaris (fir Rotarier)
- oder per Mail un de Mathias Münster : *mmunster@pt.lu*

drot Dir dozou bäi, dass de Netto-Gewënn zu Gonschte vum Projet **Chill & Art** agesat gëtt.

**De Präis vun engem Ee ass € 52,- z'iwwerweise w.e.g. op de Rotary-Kont**
**Banque Raiffeisen LU42 0099 7800 0157 4813**
**Titulaire: ROTARY CLUB DIEKIRCH-ETTELBRUCK .**
D'Schockelas-Ouschtereeër sen ofzehuelen **Freides, den 27. Mäerz 2026 tëscht 12h-14h** am **SOS Kannerduerf** zu Miersch.




€ 52,00

Déi Jonk freeën sech op e
**kreativen a flotte Summer,**
**Dank Ärer generéiser Ënnerstëtzung.**